LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3624 du 9 février 2026 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Evolution du chômage résidentiel ».


Fro 1: Wéi erkläert de Minister dës disproportionell Hausse vum Chômage bei Persoune mat lëtzebuergescher Nationalitéit zënter Dezember 2023?

Fir d'Zuelen anzeuerdnen, gëtt op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3592 vum 4. Februar 2026 verwisen.

Et gëtt eng Kombinatioun vu Facteuren, déi dës Hausse vum Chômage bei Persoune mat lëtzebuergescher Nationalitéit erkläre kënnen. Si kënnen zum Beispill am Zesummenhang stoe mat den Aktivitéitssecteuren, an deenen si virdru beschäftegt waren oder mat enger Inadäquatioun tëscht de disponibele Kompetenzen an den Ufuerderunge vun den Employeuren.

D'Analyse hei drënner weist déi wichtegst Entwécklunge vun de Charakteristike vun dëse Persounen tëscht 2023 an 2025 op.

Entwécklung vun der Struktur vun de lëtzebuergeschen Aarbechtssichenden no Qualifikatiounsniveau:




*No den Donnéeë vun der ADEM ëmfaasst den Enseignement supérieur d'Universitéitsdiplomer (Bachelor, Master, Doktorat), awer och d'Ofschlëss vun engem BTS.*

D'Erhéijung vun der Zuel vun de lëtzebuergeschen Aarbechtssichenden tëscht 2023 an 2025 betrëfft all Qualifikatiounsniveauen. Wann een awer d'Zesummesetzung analyséiert, gesäit een, datt den Undeel vun de Persoune mat engem Ofschloss am Enseignement supérieur ëm 4,6 Prozentpunkte geklommen ass, op Käschte vun de Persoune mat engem Ofschloss am Secondaire inférieur (-2,9 Prozentpunkte) an am Secondaire supérieur (-1,8 Prozentpunkte). Dat bedeit, datt an absoluten Zuelen d'Persoune mat engem

Héichschoulofschloss eng méi staark wéi proportionell Hausse verzeechent hunn am Verglach zu dësen zwou anere Kategorien.

Top 15 vun de meescht gesichte Beruffer vun de lëtzebuergeschen Aarbechtssichenden – Verglach mat der Zuel vun den net-lëtzebuergeschen Demandeuren, déi an dëse Beruffer sichen, a mat de verfügbare fräie Plazen um Enn vum Mount (Stock):

| **31/12/2023** | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **ROME Niveau 2** | **Nombre de demandeurs d'emploi luxembourgeois** | **Nombre de demandeurs d'emploi non-luxembourgeois** | **Postes vacants** | **Total demandes par poste** |
| M16 - Secrétariat et assistance | 1 132 | 839 | 324 | 6.1 |
| K13 - Aide à la vie quotidienne | 301 | 482 | 58 | **13.5** |
| K25 - Sécurité privée | 256 | 400 | 87 | 7.5 |
| N41 - Personnel de conduite transport routier | 254 | 646 | 134 | 6.7 |
| D12 - Commerce non alimentaire | 252 | 442 | 85 | 8.2 |
| K22 - Nettoyage et propreté industrielle | 224 | 1 547 | 83 | **21.3** |
| A12 - Espaces verts | 224 | 304 | 77 | 6.9 |
| D15 - Grande distribution | 192 | 308 | 29 | **17.2** |
| G16 - Production culinaire | 182 | 859 | 189 | 5.5 |
| N11 - Magasinage, manutention | 167 | 313 | 60 | 8.0 |
| F16 - Second oeuvre | 142 | 565 | 416 | 1.7 |
| M12 - Comptabilité et gestion | 135 | 378 | 1 700 | **0.3** |
| G18 - Service (HORECA) | 132 | 501 | 139 | 4.6 |
| K21 - Formation intiale et continue | 102 | 118 | 31 | 7.1 |
| D14 - Force de vente | 92 | 174 | 134 | 2.0 |
| **TOTAL (pour le Top 15)** | **3 787** | **7 876** | **3 546** | **3.3** |

| **31/12/2025** | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **ROME Niveau 2** | **Nombre de demandeurs d'emploi luxembourgeois** | **Nombre de demandeurs d'emploi non-luxembourgeois** | **Postes vacants** | **Demandes par poste** |
| M16 - Secrétariat et assistance | 1 320 | 901 | 291 | 7.6 |
| K13 - Aide à la vie quotidienne | 390 | 490 | 107 | 8.2 |
| N41 - Personnel de conduite transport routier | 345 | 795 | 165 | 6.9 |
| D12 - Commerce non alimentaire | 309 | 468 | 76 | **10.2** |
| K22 - Nettoyage et propreté industrielle | 273 | 1 469 | 118 | 14.8 |
| K25 - Sécurité privée | 272 | 440 | 65 | **11.0** |
| A12 - Espaces verts | 267 | 343 | 47 | **13.0** |
| G16 - Production culinaire | 231 | 1 012 | 302 | 4.1 |
| M12 - Comptabilité et gestion | 222 | 586 | 500 | 1.6 |
| D15 - Grande distribution | 219 | 356 | 34 | **16.9** |
| M18 - Systèmes d'information et télécommunication | 179 | 540 | 454 | 1.6 |
| G18 - Service (HORECA) | 179 | 607 | 106 | 7.4 |
| N11 - Magasinage, manutention | 171 | 319 | 43 | **11.4** |
| D14 - Force de vente | 152 | 172 | 111 | 2.9 |
| F16 - Second oeuvre | 140 | 580 | 278 | 2.6 |
| **TOTAL (pour le Top 15)** | **4 669** | **9 078** | **2 697** | **5.1** |

*Well de ROME-Referentiel a verschidde Granularitéitsniveauen opgebaut ass, versteet een ënner ROME Niveau 2 den Zwëschenniveau (2. Niveau): hei ginn e puer Beruffer, déi no beienee leien, an engem selwechte beruffleche Beräich zesummegefaasst. An den Tabellen entsprécht d'Faarf gréng dem beruffleche Beräich, fir deen eng Penurie u Kandidate festgestallt gëtt. Am Géigendeel dozou weist d'Faarf rout déi berufflech Beräicher un, an deenen de Surplus u Kandidate besonnesch héich ass.*

D’Struktur vun de wichtegste Beruffer, déi vun de lëtzebuergeschen Demandeuren d‘emploi gesicht ginn, bleift tëscht 2023 an 2025 am grousse Ganze stabil. Déi 15 meescht gesichte Beruffer si identesch, mat Ausnam dovun, datt 2025 d’Beruffer M18 (Informatiker) *(a blo an der Tabell markéiert)* dobäikomm sinn an d’Beruffer am Enseignement (K21) erausgefall sinn.

Enn 2025 hunn 179 lëtzebuergesch Aarbechtssichenden an engem vun de Beruffer M18 gesicht. Dës Beruffer si säit 2023 an enger déifgräifender Entwécklung.

Allerdéngs verstäerkt sech d’Ongläichgewiicht tëscht der Zuel vun den Aarbechtssichenden an der Zuel vun de fräie Plazen um Enn vum Mount (Stock) ganz däitlech. Wann een d’Perspektiv op all Aarbechtssichenden ausdeent, déi an engem vun dëse Beruffer sichen, huet d’Konkurrenz sech an där Period verstäerkt. D’Gesamtzuel vun den Demandeuren an dëse Beruffer klëmmt staark (+2.084 Demandeuren am Ganzen, dovun +882 mat lëtzebuergescher Nationalitéit), wärend d’Zuel vun de fräie Plazen erofgeet (-849). Dat globalt Verhältnis geet domat vun ongeféier 3 Demandeuren pro fräier Plaz am Joer 2023 op méi wéi 5 am Joer 2025 erop.


A verschiddene Beruffer gëtt e bedeitende Iwwerschoss u Kandidate festgestallt:

- Bal 17 Aarbechtssichenden (dovu méi wéi 6 mat lëtzebuergescher Nationalitéit) sichen am Beräich vum Grousshandel/Grande distribution (D15) op eng fräi Plaz am Joer 2025.
- 1.320 lëtzebuergesch Demandeure sichen an engem vun de Beruffer am Beräich Sekretariat an Assistenz. Am Ganzen ginn et méi wéi 7 Demandeuren, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, pro fräier Plaz an engem vun dëse Beruffer (M16).

Am Joer 2025 weist am den Top 15 meescht gesichte Beruffer keen e Kandidatemanktem op.

Fro 2: Wéi vill Laangzäitchômeure sinn an dësen Zuelen enthalen?

Struktur (a %) vun de lëtzebuergeschen Aarbechtssichenden no Dauer vun der Aschreiwung:




*En Demandeur d'emploi gëllt als „laangzäitaarbechtslos", wann seng Aschreiwungsdauer bei der ADEM méi wéi 12 Méint ass.*

Tëscht 2023 an 2025 ass d'Struktur am grousse Ganzen stabil bliwwen. Et gëtt keng radikal Verännerung vum Profil vun de lëtzebuergeschen Aarbechtssichenden, wat d'Dauer vun der Aschreiwung ugeet.

Den Undeel vun de lëtzebuergeschen Demandeuren, déi als laangzäitaarbechtslos ageschriwwe sinn, bleift héich (40,5 % Enn Dezember 2025), mee tendéiert zanter de leschte Joren no an no zréckzegoen. Zum Verglach: 35 % vun den net-lëtzebuergeschen Demandeuren d'emploi sinn am Dezember 2025 laangzäitaarbechtslos.

Luxembourg, le 6 mars 2026

(s.) Marc SPAUTZ
Ministre du Travail